N°2911
Entrée le 22.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.09.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 22. September 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden:

„ Dat neit ASBL-Gesetz vum 7. August 2023 trëtt de 24. September 2025 a Kraaft. Dës Ännerunge sollen ee moderne, transparenten a méi efficace Kader fir déi betraff Associatiounen a Fondatioune schafen.

Laut dem Justizministère hate bis Abrëll dëst Joer just 14% vun de ronn 9000 betraffene Associatiounen a Fondatiounen déi néideg Upassung vun hire Statuten gemaach.

An deem Kader wollt ech der Madamm Justizministesch follgend Froe stellen:

- Wéi vill Associatiounen hunn déi obligatoresch Statuten-Ännerunge bis elo ëmgesat?
- Wéi vill Associatiounen a Fondatiounen hunn dës Ännerungen nach net ëmgesat?
- Wat fir Sanktiounen si virgesi fir déi Associatiounen a Fondatiounen, déi hir Statuten net fristgerecht ugepasst hunn?
- Wéi gëtt iwwerpréift ob d'Associatiounen an d'Fondatiounen hir Statute konform ugepasst hunn ? Bei wéi villen war dëst net de Fall ? "

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Simone BEISSEL
Deputéiert

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu